N° 7648
Entrée le 22.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.02.2023

Lëtzebuerg, den 22 Februar 2023

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden:

*„Engem Artikel no, deen haut an enger Lëtzebuerger Dageszeitung publizéiert ginn ass, soll d'Lëtzebuerger Arméi rezent en Urgentiste agestallt hunn, deen an der Belsch wéinst Bedruch virbestrooft - an och wéinst der Fälschung vu COVID-Zertifikater ugeklot ass.*
*Am Artikel gëtt präziséiert, dass den Dokter kuerz nom Virstellungsgespréich mam Rekrutéierungsjury - an deem héich Offizéier a Vertrieder vun der Personaldelegatioun sëtzen - seng Aarbecht ugefangen huet.*
*Et wier eréischt dem Collège médical bei der Geneemegungsprozedur opgefall, dass den Dokter, deen du schonn aktiv war, an der Belsch virbestrooft an a weider juristesch Enquêtë verwéckelt ass.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Verdeedegungsminister folgend Froe stellen:*

- *Kann den Här Minister dës Informatioune confirméieren?*
- *Wa jo, wéi konnt et zu dëser Astellung kommen?*
- *Wéi kënnen esou Situatiounen an Zukunft evitéiert ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Claude LAMBERTY
Deputéierten